

## Planung vun engem Léiergaart

Checklëscht mat Froen, déi am Virfeld vun der Gaardeplanung gekläert gi mussen

### 1. Wee wäert am Gaart schaffen?

#### Fir wien soll de Gaart ageriicht ginn?

- Schüler aus der Grondschoul
- Kanner aus der Maison relais
- Lycéesschüler

#### Wee soll am Gaart schaffen?

- Alter vun de Schüler
- Schüler mat Behënnerungen?
- Gruppegréisst vun de Kanner déi am Gaart zesummen aktiv solle sinn
- Wéi oft soll de Gaart genotzt ginn? *Deeg/Woch, Joreszäiten, Vakanz*
- Dauer vun de Aktivitéiten am Gaart
- Wee betreit d'Kanner bei der Gaardenaarbecht?
- Hunn d'Betreier Erfahrung am Gaardeberäich?
- Ween ass verantwortlech fir de Gaart? *Während der Schoulzäit, an der Vakanz*

Op Basis vun den Äntwerten op dës Froen kann een sech Gedanken maachen iwwert d'Géisst an d'Lag vum Gaart.

### 2. Wou ass et méiglech?

#### Wéi ass d'Lag vum zukünftege Gaart ?

- Wéi grouss soll de Gaart ginn? (*ofhängeg vun der Zuel vun Gruppen/Klassen déi de Gaart benotze wëllen*)
- Lag: direkt bei der Schoul (*eventuell Stéierungen vum Unterrecht?*)
- Topographie (*flaach, am Hang, mat engem Rollstull erréichbar.....*)
- Wéi ass de Buedem? (*Macadam, Wiss, Schotter..... ass eng Buedemanalys néideg?*)
- Ausriichtung: Sonn/Schied: Wéi vill Stonnen ass de Gaart an der Sonn? (*Abrëll – September – op mannst 6 Stonnen néideg*)
- Ass e Waasseruschloss direkt an der Géigend oder kann en Uschluss ugeluecht ginn?

### 3. Firwat gëtt de pedagogesche Gaart ugeluecht?

Abezéiung vun de Schoulfächer ? Wéi eng?

Wéi eng pedagogesch Zieler sollen erreecht ginn?

Kann de Gaart mat aneren Ariichtungen gedeelt ginn? (Altersheim, Flüchtlingen, Gaardeverein.....)

Wéi gëtt d'Rekolt genotzt?

4. Wat sollt an engem Gaart sinn?

**Wéi eng Elementer sollen ugeluecht ginn?**

- Sollen/kënnen Hochbeeter gebaut ginn?
- Sollt een en Hochbeet fir Leit am Rollstull plangen?
- Kann en Hügelbeet ugeluecht ginn?
- Besteet d'Méiglechkeet fir eng Geschierkëscht, -schapp ze bauen?
- Ass genuch Plaz fir Dëscher (*wéi vill sinn der néideg*), Bänken (*wéi vill?*), eventuell eng Feierplaz, Plaz fir 2 Kompostkëschten
- Ass genuch Plaz fir eng Zär?
- Ass genuch Plaz fir Kautschen (Frühbeeter) oder e Folientunnel?
- Wou kann eng Kompostkëscht opgebaut ginn?
- Brauch een e Sonneschutz? (*iwwert dem Dësch an de Sëtzméiglechkeeten*)
- Besteet d'Méiglechkeet fir eng kleng Waasserfläch unzeléien?
- Gëtt et en Zonk wou Kloterplanzen eropwuesse kënnen?
- Ass Plaz fir en Tipi mat Kloterplanzen opzeriichten?
- Ass eng Plaz do fir eng Meteosstatioun, eng Infotafel, en Insektenhotel opzestellen?
- 

**Wéi eng Planzen sollen am Gaart ugeplantz ginn?**

- Geméis: vun enger Aart verschidden Sorten
- Uebst: Hambier, Kréischelen, Rubbarb, Äerdbier.....
- Kraider: Een- a méijäreger
- Uebstbeem (*z.B. Spaléierbeem*)
- Einheimesch Hecken
- Blummewiss an iessbar Blummen
- Stauden : méijäreg Blummen

5. Wéi sollt e pedagogesche Gaart ugeluecht ginn?

- Schafen vun enger Aarbechtsgrupp tëschent den interesséierten Enseignant'en / Educatricen(euren)
- Ufro fir d'Geneemegung fir e Léiergaart anzeriichten
- De Gaart als Joresprojet vun der ganzer Schoul plangen
- D'Kanner an d'Planung mat abezéien (Workshopen, Maquetten, Zéchnungen.....)
- Virstellen vun de Kanner hiren Iddien virun den Elteren an de Gemengeresponsabelen
- Uleeën vum Gaart zesummen mat de Kanner, den Elteren, anere Partner
- Organisatioun vun der Gaardenaarbecht während de Vakanzen

**Wéi eng Partner kënnen bei der Planung, dem Opbau, dem Ënnerhalt an den Aktivitéiten mat de Schüler hëllefbräich sinn? – de Schoulgart soll och e soziale Projet sinn**

- D'Schouldirektioun
- D'Enseignant'en, d'Erzéier/innen
- D'Schüler
- D'Elteren (-vereenegung)
- De Concierge
- D'technesch Personal
- De Kach, d'Kichepersonal
- D'Gemengeverantwortlech
- D'gemengenaarbechter
- Privat Kannerbetriebsstrukturen
- Lokal Veräiner (Gaart an Heem, Club des Jeunes ....)
- Alters-, Fleegeheim

**No dëser Bestandsopnam sollt ee wëssen:**

Noutwendeg Buedem- an Terrasséierungsarbechten (*wie realiséiert se, Käschten...*)

Zuel vun de Gaardeparzellen, Bordüren (*Brieder, Bamstämm, Sténg.... Wie baut se, Käschten....*)

Zuel vun den Hochbeeter / Kautschen, Gréisst (*Wie baut se, Material – nei, recycléiert? Käschten....*)

Wéi eng aner Strukturen solle gebaut ginn? (*Schapp/Këscht fir d'Material, Dëscher – wéi vill? Bänken – wéi vill? Zär, Kraiderspiral, Kompstkäschten, Feierplaz, Sonneschutz...*)

Muss eng Zouleitung fir d'Waasser ugeluecht ginn?

Wéi vill Klassen/Kanner kommen pro Joer an de Gaart?

Wéi oft pro Woch/pro Mount/pro Trimester kënn all Klass an de Gaart?

Gëtt et Parzellen pro Klass oder Gemeinschaftsparzellen?

Wéi eng pedagogesch Themen ginn am Gaart behandelt?

Sinn Treffen tëschent den Enseignant'en an Educatricen/euren, déi de Gaart betreiën, virgesinn?

Wie betreit de Gaart an der Vakanz?

Gëtt et e Budget fir déi järelech Onkäschten (Som, Buedem, Material...) ?